N°943
Entrée le 26.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.06.2024

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Juni 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister an den Här Policeminister weiderzeleeden.

Den 11. Juni war zu Konsdref e Känguru ausgebéchst, deen ouni Autorisatioun vun der Veterinärsinspektioun importéiert gi war. No iwwert enger Woch konnt d'Déier erëm agefaange ginn. Wärend där Zäit waren och d'Automobilisten an de betraffene Géigende gebieden, besonnesch virsiichteg ze sinn, fir, datt et net zu engem Accident mam Déier kënnt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi d'Asazstonne pro Zerwiss sou wéi de jeeweileg Käschtepunkt regruppéiert? Ass virgesinn, dës Käschten un de Proprietär weiderzeginn? Falls net, firwat net?
2) Wéi eng Institutioun, respektiv Assurance wier an dësem Fall responsabel gewiescht, wann et zu engem Zesummestouss mam Déier komm wier? Sou wuel am Fall vun engem privaten Automobilist, wéi och engem professionelle Gefier oder am ëffentlechen Déngscht?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéierten

N°943
Entrée le 24.07.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vum Innenminister op d'parlamentaresch Fro n° 943 vun der éierewäerter Deputéiert Madamm Alexandra Schoos**

1. **Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi d'Asazstonne pro Zerwiss sou wéi de jeeweileg Käschtepunkt regruppéiert? Ass virgesinn, dës Käschten un de Proprietär weiderzeginn? Falls net, firwat net?**

An den Datebanke vun der Police ginn d'Aarbechtsstonnen net esou spezifesch pro Service a pro Incident erfaasst, fir eng Tabell kënnen ze erstellen, wéi vun der honoraabler Deputéierte gefrot.

D'Police intervenéiert am Alldag fir d'Sécherheet vun de Bierger an d'Verkéierssécherheet ze garantéieren, onofhängeg vun der Gréisst an der Schwieregkeet vun den Interventiounen déi néideg sinn.

De Service um Bierger ass gratis.

D'ALVA kënnt op +/- 16 Stonnen déi vun hiren 2 Inspekteschen an Usproch geholl goufen fir un deem dossier ze schaffen (2 Visites sur place, Kontakter matt der Proprietärin an aneren impliziéierten Leit, Preparatioun vum Avis an vun der Autorisatioun, Aentwerten op Presseufroen....). Grad ewéi d'Arbecht vun der Police ass och déi vun der ALVA e service um Bierger dee gratis ass an daat am Interessen vum Déierewuel.

2. **Wéi eng Institutioun, respektiv Assurance wier an dësem Fall responsabel gewiescht, wann et zu engem Zesummestouss mam Déier komm wier? Sou wuel am Fall vun engem privaten Automobilist, wéi och engem professionelle Gefier oder am ëffentlechen Déngscht?**

An dësem Fall wier dëst eng Fro déi privatrechtlech misst geklärt ginn, d.h. vum Besëtzer vum Känguru.

Lëtzebuerg, de 22. Juli 2024

D'Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

(s.) Martine HANSEN